N°358
Entrée le 16.06.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16. Juni 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës mëndlech Fro (Art. 83 vum Chambersreglement) un den Här Ëmweltminister weiderzeleeden.

De Mëllerdall huet mat der Spärung vum beléiften Holzsteg bei der Kallektuffquell am Mäerz 2025 e wichtegt touristescht Highlight verluer, well déi fiicht Witterung d'Holz iwwer d'Jore morsch gemaach huet an de Passage fir Wanderer onsécher ginn ass. An enker Ofstëmmung tëscht de Gemenge Konsdref a Waldbëlleg, der Naturschutzverwaltung (ANF) souwéi dem Tourismusministère gouf schonn eng Machbarkeetsstudie ausgeschafft, déi eng laanglieweg Metall-Ënnerkonstruktioun op Schrauffundamenter als zukunftssécher Léisung virgesäit.

Virun dësem Hannergrond géif ech de Minister gär froen, wéi den aktuelle Stand vun dëser Planung ass a wéi eng konkret Schrëtt d'Prozedur virgesäit, fir de Steg esou séier wéi méiglech nei opzebauen.

Mat déiwem Respekt,

Alexandra Schoos
Deputéiert